



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/12/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Energie weiderzeleeden.

Zënter Jore kënn et um Dräilännereck zu Rodange reegelméisseg zu stonnaange Stauen. De Grond dofir sinn d'Camionen, déi um Transit iwwert d'Avenue de l'Europe op d'Nationalstrooss N5 zu Rodange ofbéien, fir do op enger Tankstell hiren Tank ze fëllen. De Grond firwat d'Camionen all op Rodange fueren, leit op der Hand: d'Transportentreprisë profitéiere hei vu méi bëllege Präisser op de Liter Dreifstoff. Doduerch, dass eng Rëtsch Entreprises duerch Firmen-Tankkaarte priviliéiert Präisremisen op den Diesel kréien, lount et sech fir d'Camionschaufferen hire Plein zu Rodange ze maachen. Dëst zum Matleed vun de ville Residenten, well d'Camionen an deelweis kilometerlaange Staue bis op d'belge Grenz erop d'Stroossen zu Rodange onbenotzbar maachen.

Wéi den *L'essentiel* an engem Artikel vum 27.12.2019 beriicht, soll mam Stau awer geschwënn Schluss sinn. D'Gemeng Péiteng well nämlech bei der Avenue de l'Europe op der lëtzebuergescher Säit mam Ministère zesummen eng Mega-Tankstell mat 10 Zapsailen op der der Avenue de l'Europe autoriséieren. Dës Tankstell soll dann och all Tankkaarten akzeptéieren, soudass d'Camionen, déi nach méi bëlleg tanke wëllen, net méi den Ëmwee iwwer Rodange maache mussen.

Fir d'Berouegung vun der Verkéierssituatioun ass dëst sécherlech erfreeslech, allerdéngs stellt sech Fro, wéi Lëtzebuerg op der enger Säit aus dem Tanktourismus erausklamme soll, während op der anerer Säit den Tankstellereseau weider ausgebaut gëtt. A menger parlamentarescher Fro n° 1552 hat ech d'Ministere schonns iwwert d'Zukunft vun den Tankstellen zu Lëtzebuerg gefrot.

An deem Zesammenhang wëilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wou genau soll d'Tankstell op der Avenue de l'Europe gebaut ginn a wéi vill Liter Dreifstoff sollen all Joer hei verkaf ginn?
2. Sinn déi Häre Ministeren der Meenung, dass et op laang Siicht nohalteg ass, eng Mega-Tankstell op der Avenue de l'Europe éischtens opbauen ze loosse, zweetens z'erhalen an dat an engem Kontext wou d'Regierung dach plangt, aus dem Tanktourismus erauszeklammern?
3. Wéi eng Ëmweltmesurë sinn ugeduecht, fir de Site, wou déi Mega-Tankstell gebaut soll ginn, ze kompenséieren?

Mat déiwem Respekt,



www.piraten.lu



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu